



Journées du livre et du droit d'auteur

19.-23. Abrëll 2021

En neien Ufank

*Eng Proposition vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a
Jugend*

Ëm wat geet et?

Well d'Theema vum leschte Joer "En neien Ufank" nach ëmmer immens gutt an den aktuelle Kontext passt an d'Participatioun an de Schoule wéinst dem Lockdown am Fréijoer zimlech geréng war, huet de SCRIPT entscheet, d'Theema fir 2021 nach eng Kéier opzegräifen.

Mir all goufen am Fréijoer 2020 vun der sanitärer Kris iwerrumpelt a hunn eis ganz séier missen, gewollt oder ongewollt, un eng nei Realitéit gewinnen. D'Pandemie huet eis gezwongen, nei Weeër ze fanne fir ze kommunizéieren, ze léieren, ze schaffen a mateneen ëmzegoen. Distanz war op eemol dat neit Schlagwuert. Dëst war fir eis all eng nei an ongewéinlech Situatioun a mir hunn eis missen ëmstellen fir en neien Alldag ze fannen.

Déi sanitär Kris war an ass fir vill vun eis eng grouss Erausforderung a wäert eis Denkweis an eist Behuelen op laang Siicht prägen. Si bitt eis awer och eng Geleeënheet, d'Welt nei ze erfannen, nei ze zeechen an d'Zukunft ënnert engem neien Aspekt ze betruechten.

Mir hunn och nei Méiglechkeete vun der Digitaliséierung entdeckt, sou z.B. wéi mir trotz Distanz awer Kontakt zu eise Léifsten hale kënnen.

Vläicht erliewe mir d'Welt elo méi bewosst, oder mir hunn eis virgeholl, besser mateneen ëmzegoen. Mir hu lo vläicht d'Chance, eis eng méi gerecht Welt net nëmme virstellen, mee esouguer opzebauen.

Des Neierungen huet d'Joer 2020 eis bruecht.

Mënsche stoungen awer schonn dacks an der Geschicht viru neien Erausforderungen, an hu missen en neien Ufank woen, z. B. no de Weltkriecher oder no Naturkatastrophen.

Awer och wichteg Erfindungen, technesch Entwécklungen a gesellschaftlech Verännerungen hunn e grouse Wandel mat sech bruecht, esou z. B. d'Erfinne vum Buchrock oder vum Motor, d'Walrecht fir d'Fraen oder och d'Mënscherechterklärung.

Och a sengem perséinleche Liewe stoung scho bal jiddereen emol, gewollt oder ongewollt, virun engem neien Ufank, sief et op familiärem, schouleschem oder berufflechem Plang.

Eis aktuell Gesellschaft verännert sech ganz séier a verlaangt, datt mir eis un déi Changementer upassen : et geet drëm, wéi mir matenee liewen an ëmginn, wéi mir ë. a. an de soziale Medie kommunizéieren, wéi mir eis Ressourcë verdeelen a mat eisem Planéit ëmginn.

Wat ka gemaach ginn?

Op der Homepage vum SCRIPT <http://www.script.lu> fannt Dir ënnert eng Bibliographie mat ville Kannerbicher, déi verschidde Facette vum Thema weisen. Et ass eng aktualiséiert Versioun vun der Bibliographie, déi am Fréijoer op schouldoheem.lu verëffentlecht gi war.

Zum Motto vun 2021 bidde sech villerlee Aktivitéiten un, wéi z. B.:

- Texter oder Biografien iwwer Leit lesen, déi een neien Ufank hu misse maachen (no engem Krich, enger Naturkatastroph, enger Flucht, enger Krankheet ...)
- Geschichten iwwer Kanner/Erwuessener lesen, déi eng nei Etapp an hirem Liewen ugin (z.B an eng nei Schoul kommen, en neie Familljemember akzeptéieren, eng Trauer iwwerwannen, eng nei Aarbecht ufänken, eng nei Partnerschaft aginn ...)
- Bicher iwwer Leit behandeln, déi ganz bewusst eppes Neies wollten erliewen (Entdecker, Leit déi hir Liewensweis wollten änneren, eng Weltrees ënnerhuelen ...)
- A Sachbicher an op Kannersäiten am Internet nosichen, wéi eng Entwécklungen oder Persounen an der Geschicht en neien Ufank ageleet hunn (d'Elektrizitéit, d'Entwécklung vum Internet, de Martin Luther King, de Gutenberg)
- A Sachbicher an op Kannersäiten am Internet kucken, wéi eng Momenter an der Geschicht en neien Ufank mat sech bruecht hunn (Weltkricher, Katastrophen, de Fall vun der Berliner Mauer ...)
- Geschichten asetzen an un Hand vu Sachbicher iwwerleeën, wou an der Zukunft nei Ufänk néideg sinn a wéi déi kéinten ausgesinn (Ëmwelt- an Déiereschutz, Klima, Nohaltegkeet, Ëmgang an de soziale Medien ...)
- Eege Geschichte molen, schreiwen oder Fantasiegeschichten erfannen, déi en neien Ufank duerstellen.
- Gedichter zum Thema sichen oder schreiwen

Aktualitéitsbedéngt koum derbäi:

- Dat wichtegt an aktuellt Thema "Black lives matter" a Biografien, Sachbicher oder op Kannersäiten am Internet nosichen a beschwätzen.
- Noliesen, oder selwer schreiwen, wat de Coronavirus an d'Pandemie fir eis verännert hunn

Et kann een dozou:

- Geschichte virlesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen (Audiodatei, Textdokument oder Multimediadokument, Video, StopMotion...)
- Eng Geschicht als Lesetheater ëmschreiwen an/oder opféieren (Video)
- Eng nei Geschicht erfannen, opschreiwen an illustréieren (Textdokument oder Multimediadokument)

- Eng Geschicht mat Figuren/Objeten noerzielen an déi an e Schongkarton maachen (Book in a box) <https://www.edumedia.lu/lesson/book-in-a-box/>
- En Trailer zu engem Buch maachen (Booktrailer) (eventuell fir en C4) <https://www.edumedia.lu/lesson/booktrailer-spannender-kann-lesen-nicht-sein/>
- asw.

Verschidden Iddie fannt Dir a Form vu Fichen och op <http://www.edumedia.lu>.

Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothék sinn d'Kontaktpersounen fir déi Aktioun.

Umeldung (iwwert de Schoulbibliothécaire): mam Onlineformulaire
<https://tinyurl.com/jdl2021-ef> bis den 12. Mäerz 2021

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis de 14. Mee 2021 erageschéckt ginn.

Flott wier et, eng kleng schrëftlech Beschreiwung vun den Aktivitéiten mat e puer Fotoen ze kréien. Schéckt déi wgl. per Mail un : anne-marie.antony@men.lu / anne.biesdorf@men.lu .

Et wier gutt, wa mir déi Dokumentatioun an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualität) kéinte kréien. Wa Kanner op de Fotoen drop sinn, da géinge mir d'Enseignanten bieden, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen.

De SCRIPT offrëiert Bicherpräisser un d'Schoulen, déi matmaachen.

D'Schoulen, déi matmaachen, ginn am Courier de l'Éducation nationale 04/2021 ernimmt.

Mir maachen an engem spéidere Courier de l'Éducation nationale e Réckbléck op d'Aktioun.

Mir wënsche vill Freed bei den Aktivitéiten a soen elo scho Merci fir d'Matmaachen.